PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Här Gast Gibéryen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 28 November 2018

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Häre Sportsminister a Finanzminister weiderzeleeden.

Verschidde Steierbüroen am Land hunn an de leschten Deeg e Bréif u verschidde Sportler verschéckt fir dës opzefuerderen hir Steiererklärunge vun 2013 bis 2017 ze verbesseren an ëm d'Akommes aus dem Sport z'ergänzen.

An deem Zesummenhang wéilt ech den Häre Sportminister a Finanzminister dës Froe stellen:

- *Wéi vill Bréiwer sinn an dëser Aktioun u wéi vill Sportler verschéckt ginn?*
- *Op wéi eng Daten hunn sech d'Steierbüroe gestäipt fir d'Empfänger vun de Bréiwer ze bestëmmen?*
- *Hunn all Steierbüroen dës Bréiwer verschéckt? Gouf et eng Uweisung aus der Hierarchie dëst ze maachen ? Wa jo, wéini gouf dës Uweisung formuléiert a wien huet se formuléiert ?*
- *Wéi vill zousätzlech Recetten versprécht den Här Finanzminister sech vun dëser Aktioun, wëssend datt nëmmen en Akommes iwwer 5.000 € pro Joer besteierbar ass ?*
- *Wéi vill huet dës Aktioun d'Verwaltung kascht ? Ech bieden d'Häre Minister dëst opzeschlësselen no Personalkäschten, Portokäschten, Materialkäschten a weidere Käschten.*
- *Ass geplangt dës Aktioun op aner Felder, déi duerch d'Circulaire L.I.R. n° 91/2 vum 11. Juni 2012 ofgedeckt sinn auszeweiten?*
- *Firwat zitéiert de Bréif un d'Sportler just den § 166 AO an net och § 168 (1) AO ? Wien huet den Inhalt vum Bréif erstallt a fräiginn?*

Mat déiwem Respekt,

Sven Clement
Deputéierten